

duerfir hu mir an eiser allgemenger Approche déi doten Dimensiounen an eisem Dialogue politique ëmmer erëm privilegiéiert.

Dat Allerlescht, wat ech wollt soen, Här President, ech bedauere ganz staark, datt de Conseil du Développement an der Europäescher Unioun ofgeschaaft ginn ass. Ech weess nach net, wéi e richteg ersat gëtt. Ech weess just, datt d'Développementspolitik elo an Zukunft am Conseil des Affaires générales Agank fënnt. Ech bedauern dat, well domat geet d'Spezifisitéit vun der europäescher Entwécklungspolitik zum Deel fleeten - hat ech elo bal gesot. Ech hat gëschter mäi portugisesche Kolleg op Besuch a mir sinn amgaang, eis Gedanken ze maachen, wéi mer eng Alternativ kënnen zur bestehender Situatioun entwéckelen, a kucken, wéi mer kënnen déi eenzel Responsabel an deene 15 Länner vun der Europäescher Unioun esou implizéieren, datt d'Spezifisitéit vun der europäescher Entwécklungspolitik net op der Streck bleift.

Ech soen der Chamber merci, datt se bereet ass, dësen Accord ze ratifizéieren. Ech hoffen, datt et eis geléngt, mat eise modeste Moyenen an duerch déi Moyenen, déi mer hunn, am Dialog mat deenen aneren eenzel Revendicatiounen virunzebréngen an dozou bäidroen ze kënnen, datt et net déi Coquille vide bleift, déi Eenzelner redoutéieren. Merci.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4860 a mir stëmmen doriwwer of.

#### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Artikel 1 ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen elo iwwert dëse Gesetzesprojet of.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen a 6 Abstentiounen.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Claude Wiseler) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. John Schummer), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Jos Scheuer);

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

*Se sont abstenus:* MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### **(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4880, een Ofkommen iwwert de Schutz vun de Fliedermais. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Schank, Scheuer, Helminger, Gira an Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Meisch.

### **3. Projet de loi 4880 portant approbation de l'Amendement à l'Accord relatif à la conservation des chauves-souris en Europe du 4 décembre 1991, adopté à la troisième réunion des Parties à Bristol du 24 au 26 juillet 2000**

#### **Rapport de la Commission de l'Environnement**

**M. Claude Meisch (DP), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mat dësem Projet de loi gëtt den Amendement zum Accord vu London vun 1991 ratifizéiert, dee bekanntlech handelt iwwert de Schutz vun de Fliedermais an Europa.

Weltwäit ginn et bal 1.000, mä ganz genee 957 verschidden Aarte vu Fliedermais. An Europa, allerdéngs, sinn et der nëmmen nach 30, déi doheem sinn, woubäi hei zu Lëtzebuerg, an deem kleng Lëtzebuerg, ëmmerhin 19 Aarte gezielt ginn. Mir mierken also, datt grad hei an Europa net den heemeschen Terrain ass vun de Fliedermais. Dat huet haaptsächlech domat ze dinn, datt am Laf vun deene leschte 50 Joer de Wunnraum ganz knapp ginn ass fir déi Déieren. Et huet op där anerer Säit domat ze dinn, datt hir Nahrungsgrondlag, an zwar sinn dat haaptsächlech Insekten, vill méi rare gi sinn, eben duerch den Asaz vu Pestiziden, sou datt d'Populatioun vun de Fliedermais däitlech ofgeholl huet a gläichzäiteg d'Zuel vun de verschiddenen Aarten, déi present sinn haut an Europa, däitlech erofgaangen ass.

Dat erkläert d'Noutwendegkeet, fir eng ganz Rei vu Schutzmoosnamen ze huelen. Et ginn der méttlerweil net wéineg. Et ginn der op internationalem Niveau. Et ginn der op europäeschem Niveau an et ginn der hei am Land. Wat den internationalen Niveau ubelaangt, esou sinn dat haaptsächlech d'Konventioun vu Bern a vu Bonn, déi ënner anerem och d'Fliedermais, awer och eng ganz Rei vun aneren Déierenzorten a Planzenaarten ënner Schutz stellen. Et ass, wéi gesot, den Accord vu London vun 1991, dee virgesäit, datt d'Destruction vum Liewensraum, awer och d'Détention vun de Fliedermais soll ënnerbonne ginn. Op europäeschem Niveau geet de Schutz vu Fliedermais selbstverständlech zréck op d'Habitats-Direktiv, déi mer jo kennen, an hei am Land sinn d'Fliedermais zënter 1982 geschützt duerch d'Naturschutzgesetz an duerch de Règlement grand-ducal vum 8. Abrëll 1986 iwwert de Schutz vun enger Rei vun Espèces animales. Dat ass et fir de legalen a réglementaire Kader.

Et ginn awer eng Rei vu méi privaten Associatiounen oder Initiativen, déi tätég sinn am Schutz vun de Fliedermais. Ech wëll do stellverriedend fir all déi aner just eng opzielen, dat ass d'Association de protection transfrontalière des chauves-souris, déi e Réseau opgestallt huet vu verschiddene Siten, wou Fliedermais doheem sinn, dat hei zu Lëtzebuerg an an de Grenzregiounen.

Mat dësem Amendement zum Accord vu London vun 1991 gëtt haaptsächlech der Tatsaach Rechnung gedroen, datt net nëmmen Aarte vu Fliedermais fest heiheem sinn an Europa, mä datt der och sporadesch optrieden, déi hei duerchzéien – esou kann een et nennen – an déi ab und zu awer och hei gesicht ginn, datt déi an deem Accord do mat erafléissen.

Doriwwer eraus ginn déi Annexen, déi momentan scho bestinn zu deem Accord, Partie intégrante vun deem Accord an et gëtt gekuckt, fir an Zukunft den Accord méi einfach ze adaptéieren, respektiv ze modifizéieren oder ze amendéieren, fir der Entwécklung, ewéi se nun eben emol dobaussen an der Natur ass, vläicht méi schnell kënne Rechnung ze droen. Souwäit zum Inhalt vun dësem Amendement zum Accord vun 1991.

Ech wëll ofschléissend vläicht nach just eng Kéier ënnersträichen an drun erënneren, wat den Accord vun 1991 virgesäit, wat d'Informatioun betrëfft, déi am Zesummenhang mam Schutz vun de Fliedermais un d'Populatioun, awer och un all déi Interesséiert kënne goen; erkennen, datt déi Aufgab fir d'Populatioun ze informéieren iwwert de Schutz vu Fliedermais, kann iwwerdroe ginn un eng Associatioun oder un en Acteur, deen do an deem Beräich tätég ass.

Dat ass momentan hei am Land nach net geschitt, sou datt déi Aufgab momentan opgedeelt gëtt tëscht dem Ëmweltministère, der Administration des Eaux et Forêts, awer och dem Musée National de l'Histoire nationale. Et

kéint ee sech effektiv virstellen, datt e spezialiséierten Organisme do géing tätég ginn a géing désignéiert ginn.

Dat gesot, wëll ech lech bieden, dëse Projet de loi ze stëmmen, an ech bréngen dann och selbstverständlech den Accord vun der demokratescher Fraktioun.

**Plusieurs voix.** - Très bien.

**M. le Président.** - Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, spëtstens zënter der Neiverfilmung vum Bram Stoker sengem Bestseller vun 1992, ënnert der Regie vum Francis Ford Coppola, an och engem brillanten Interpret, dem Gary Oldman, hu mer d'Fliedermaus richteg kenne geléiert – si huet gewëssermoossen e Comeback gefeiert –, an dat op den Ecranen. Ech schwätze vum Film Dracula. Weem dat net duer geet, kann een och nach déi véier Filmer mam Held Batman ernimmen.

Et muss een zwar soen: Trotz deene Succès vum der Flantermaus op de Kinosleinwänn huet am Fong an der öffentlecher Meenung dat absolut ongeféierlecht Déier nach ëmmer eng ganz Partie Viruerteeler, déi et muss iwwert sech ergoe loossen. Dat huet och déi eng oder aner Ursaach, well colportéiert gouf während Jor-zénge, datt dat Déierchen do géif Blut suckelen.

Nach am Ufank vum 20. Jorhonnert war déi Fliedermaus nämlech immens wäit verbreet. Besonnesch an de ländleche Regiounen huet ee se ganz dacks laanscht d'Haiser gesi fléien. Et ass also kaum ze gleewen, datt dat Allerweltsdéier haut eng Espèce ass, déi menacéiert ass. Dach sinn, wéi gesot, a Mëtteleuropa déi 22 Espéce, déi et nach ginn, méi oder manner menacéiert.

De Rapporteur huet schonn opgezielt, wéi vill Espéce et nach op der Welt, respektiv an Europa, respektiv zu Lëtzebuerg ginn, mat 19 Espéce zu Lëtzebuerg. Haut kann ee wierklech bei de Fliedermais vun enger richteger Wunnengsnout schwätzen, well al Beem mat Huele beispillsweis, al Gemaier, och Bëscher, gär Parkanlagen a virun allem och Höhlen, wéi zum Beispill an den Äerzgrouwen, alles dat ass net méi esou evident, fir kënne vun der Fliedermaus bewunnt ze ginn. Da kënnt awer och derbäi, datt déi mënschlech Aktivitéiten, zum Beispill och d'Bioziden – et ass scho gesot ginn – an der Landwirtschaft, awer och géfteg Holzimpregnierungsmëttel an Haiser derfir gesuergt hunn, datt d'Fliedermaus immens zréckgaangen ass.

Si hu bal keng natierlech Feinden. Trotzdeem, wéi gesot, si se ganz staark menacéiert. De Rapport vun der Ëmweltkommissioun, fir deen ech dem Claude Meisch nach wollt merci soen, geet detailléiert op eng ganz Rei vun Aktiounen, Initiativen an, déi am Ausland a bei eis

geholl gi sinn. Zu Lëtzebuerg gëtt et zwee bis dräi Projeten, ënner anerem ee vun engem Gemengesyndikat, vum SICONA. Et ass awer och nach ee grenziwwerschreidende Projet schonn ernimmt gi vu mengem Virriedner, déi hunn de Sëtz och zu Lëtzebuerg, déi ëmmerhin an 156 ënnerierdesche Bunkeranlage vun der Ligne Maginot eng Rei vu Refugë fir Fliedermais geschafen hunn.

Ech muss soen, de Projet weist och op eng beandrockend Aart a Weis, wat noutwendeg ass, wat och méiglech ass. Och, wéi gesot, dann duerch d'Hëllef, an deem Fall, vum Mënsch, deen op där anerer Säit dann och dat Déier menacéiert. Direkt no deenen éischte bauleche Moossnamen huet sech, an deem Projet vun der Maginot-Ligne, d'Zuel vun de Fliedermais méi wéi verduebelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, där Aktiounen mussen et nach ginn. Ech mengen, datt mer mat deem Accord e gudde Kader kréien. Et ass och evident, datt d'CSV-Fraktioun den Accord zu dësem Projet gëtt.

De Rapporteur huet, mengen ech, op eng ganz verständlech Aart a Weis dee Projet duergeluegt. Ech géif vläicht bei deem leschte Saz soen an hoffen, datt déi Moossnamen, déi an deem Projet skizzéiert ginn, méiglechst séier gräife wäerten a sech bei deenen nach liewende Fliedermais wäerten ausbezuelen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech soen dem Rapporteur merci, dee sech an d'Welt vun deem geheimnisvollen Déier ageschafft huet, ouni awer dofir d'Dimensiounen vum Batman ze kréien, wéi den Här Schank ugedeit huet.

Mir heeschen haut een Accord gutt, dee sech an eng Ketten eraplaceiert vun aneren Accorden a vu Konventionen, déi ofgeschloss gi sinn am Laf vun deene leschte Joren, déi vu Bern, déi vu Bonn, an och den Accord vu London, wou ech de Rapporteur dervu war. Et misst een och nach do d'Habitat-Direktiv vun '92 erwähnen, wou och de Schutz vun de Fliedermais en Element dervun ass.

Et gëtt gesot, dat Déier wär amgang ze verschwannen. Abee, wann Der wëllt eng gesinn, da musst Der a mäi Bureau kommen am Siège vun der LSAP, do hänkt zënter Wochen eng un der Rideau an déi fillt sech ganz wuel do. Se verschwënnt vun Zäit zu Zäit, se taucht nees op.

**(Interruptions et hilarité)**

Ech weess net, wouvunner se leeft, mä se ass do. Dat heescht, am Häerz vun der Stad, a se léisst sech net verdreiwe vu Politiker, déi do an an aus ginn.

**(Hilarité)**

Wat awer net verhënnert, datt d'Fliedermais...

**Une voix.-** Här Scheuer, sou kriddlech wäert dat Déier jo dann och net sinn!

**(Hilarité)**

**M. Jos Scheuer (LSAP).**- Ech weess net, ob et zu deene menacéierten Zorte gehéiert oder ob et op der roudere Lëscht steet, mä...

**(Interruptions)**

...mir loosse et hänken.

**(Interruptions)**

Op jidde Fall kann et roueg do un der Rideau hänken.

Fait ass awer, datt d'Liewensraim vun de Flantermais ëmmer méi verschwannen. Datt déi traditionell Liewensraim, d'Hielen, déi al Haiser, d'Spächeren, d'Scheieren zougemaach gi sinn, datt d'Holz gedränkt ginn ass.

Fait ass och, datt d'Ernährung vun de Flantermais ëmmer méi problematesch gëtt. Se si komplett ofhängeg vun Insekten, déi awer duerch all Zorte vu Moossnamen ëmmer méi verschwannen.

Doraus ergëtt sech dann, datt en Déier, wat awer net nëmmen e biologesche Phenomeen ass, mä och en nätzlecht Déier eben op der roudere Lëscht oder op der roude Lëscht optaucht iwwert d'ganz Welt, iwwer Europa, an och hei zu Lëtzebuerg.

Et muss een awer och soen, datt mer zu Lëtzebuerg eng Serie vu Spezialisten hunn, déi sech am Laf vun deene leschte Jorzéngten, loosse mer soen am leschte Jorzéngt, sech ganz intensiv ëm d'Fliedermais këmmen, se wëssenschaftlech erfaassen an och hir Liewensraim schützen, erhalen, an deelweis munchmol och ganz aggressiv probéieren – an zu Recht –, fir bestëmmt Siten ze erhalen.

Ech erënnere mech un eng Diskussioun, déi gefouert ginn ass, dat war wéi de Flugstëbs vum SIDOR sollt an de Stolle vum Dolomitwierk zu Waasserbëlleg gelagert ginn. Dunn huet och déi grenziwwerschreidend Kollaboratioun vun de Chiroptérologë gespillt an et war een Element, wat déi Oflagerung verhënnert huet.

Ech weess och, datt eng Serie vun Haiser gehale gi sinn, wou Kolonien dra sinn, iwwer ganz Lëtzebuerg. Ech weess och, datt verschidden Haiser an Tierm ausgebaut gi sinn oder esou gebaut gi sinn, datt se kënnen do bleiwen.

Ech mengen, et muss och eng Législatioun en place gesat ginn, déi souple ass, déi esou ass, datt mer net onbedéngt ëmmer mussen an d'Chamber kommen, wann eng Verbesserung stattfënnt, datt een dat um reglementaresche Wee maache kann. Mat dësem Gesetz komme mer deem Schrëtt méi no.

Ech bréngen domat natierlech den Accord vu menger Fraktioun, déi jo och eng Verflüchtung huet, fir dat hei à l'unanimité ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

**M. Gusty Graas (DP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt am Numm vu menger Fraktioun dem Claude Meisch merci soe fir säi Rapport. En huet sech jo elo wierklech zu engem Spezialist vun de Flidermais hei entwéckelt.

En hat zwar schonn den Accord vun der Fraktioun bruecht, mä vu que datt et esou e gudde Rapport war, bréngen ech dann nach eng Kéier den Accord vun der DP-Fraktioun.

Merci!

**M. le Président.-** Nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

**M. Robert Mehlen (ADR).-** Här President, dat meescht ass gesot. Ech maachen et duerfir kuerz.

Et ass net fir d'éischte Kéier, wou mer hei iwwert de Schutz vun de Flantermais schwätzen. Et ass e Problem vun der Biodiversitéit, deen eis alleguer muss beschäftegen, dee mer net sollen op d'licht Schëller huelen. Well et ass en Indicateur derfir, datt viles an eiser Ëmwelt net méi esou ass, wéi et misst sinn, wa mer ëmmer erëm mussen aktiv ginn, fir de Schutz vun de Flantermais weider ze verstärken.

Hei geet et ëm verschidde Mesuren, déi engersäits, wéi mäi Virriedner jo och nach ënnerstrach huet zum Schluss, et solle méi souple maachen, fir verschidden Ännerungen an de bestehenden Texter kënne virzehuelen, op där anerer Säit verschidden Espacen, déi nëmmen zeitweilleg hei optrieden, mat an dee Schutz mat anzebeziehen.

D'Flantermais sinn eis relativ onbekannt, well se d'Gewunnecht hunn, nuets opzetrieden. Et gëtt ee ganz interessante wëssenschaftleche Film, wann een dee gesinn huet, da fillt ee sech wierklech engagéiert, fir sech fir déi Déiercher anzesetzen. Et si Säugetiere, déi mat ganz vill Opwand hir Jonk opzéien, déi dofir Espace brauchen, déi wierklech ganz roueg sinn.

Et schéngt eng Aart ze ginn, déi net grad esou kriddlech ass, dat ass dann déi, déi sech an der LSAP-Fraktioun manifestéiert.

**(Hilarité)**

Mä am grouse Ganze si se frou, wa se ganz a Rou gelooss ginn déi Zäit, wou se hir Jonk opzéien. Och de Wanter därefen se net gestéiert ginn, well wa se eng Kéier an Oprou bruecht ginn, dann ass et meeschtens geschitt. Den Energieverbrauch hélt dann esou zou, datt se de Wanter net iwwerstinn.

Duerfir ass et jiddefalls noutwendeg, datt mer all méiglech Mesuren ergräifen, fir hinnen déi Espacen ze schafen, erëmzeginn. Och virun allem bei neie Bauprojeten – et gëtt do Experienzen – derfir suergen, datt se esou Espace kréien, wou se sech kënnen ophalen a wou se kënnen an aller Rou hir Jonk opzéien an iwwerwanteren.

Dat gesot wëll ech soen, datt dat hei an eisen Aen e gudde Projet ass an datt mer en och stëmme wäerten.

**M. le Président.-** Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

**M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu dësem Projet kéint ee schrecklech vill soen. Et kéint een d'Flantermais huelen als exemplarescht Beispill, wéi eis Liewens- a Konsumgewunnechte lues a lues vill Aarten an der Natur dobausse verschwanne loosse.

Et kéint een iwwert den Impakt vun esou geféierleche Substanze wéi Pestizide laang hei diskutéieren, nowiesen, dass och nëmme kleng Dosen iwwert d'Accumulation vum Nahrungszyklus dozou bäidroen, dass déi Déieren, déi uewen un der Spëtzt sinn, awer schlussendlech verschwannen. Och wa vläicht ënnen déi éischt Aarten nëmme minimal Dosé matkréien.

Et kéint een och iwwert de Wäert vun esou Konventionen a Gesetzer wéi dat hei diskutéieren. Well et ass méi wéi eng Kéier, datt et haart op haart gaangen ass, an eigentlech hätte missen esou Konventionen applizéiert ginn, dass dann awer aner Argumenter schlussendlech sech duergesat hunn.

Ech wëll hei nëmme ganz kuerz un d'Diskussioun iwwert d'Nordstrooss duerch de Gréngewald erënnere. Wa mer, mengen ech, d'Konventioun vu London à la lettre applizéiert hätten, froen ech mech, ob dee Projet iwwerhaupt méiglech gewiescht wier. Ëmmerhin hu bis elo nach an deem Bësch eng ganz Rei vun deenen Zorte gelieft, déi mat där Konventioun geschützt sinn.

Ech zweifele ganz staark drun an ech froe mech, wann nach e puer Joer erëm sinn an all Dag déi Blechlawinnen duerch dee Biotop do gefouert ginn, ob déi Déieren do nach eng Chance hunn, fir do ze iwwerliewen. Mä deemools ass jo mat Doudschlagargumenter operéiert ginn an et ass gesot ginn: Et kann net sinn, dass de Mënsch muss ënnert de Buedem, an d'Déieren iwwert dem Buedem kënne weiderliewen. Duerfir sinn ech schonn e bësse skeptesch, wat an der Realitéit d'Auswierkung vun esou Gesetzer wéi deem heiten, ubelaangt.

Mir wäerten awer als Gréng trotzdeem dëst Gesetz stëmmen. Vläch kann et iergendwou eng Kéier virun engem nationalen oder internationale Gerichtshaff déngen, dass mer als Lëtzebuerg déi heite Konventioun



ratifizéiert hunn, fir dann deen een oder anere vun deene leschte Biotopen an eisem Land ze schützen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

**M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.-** Merci, Här President. Ech wëllt dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierlechen an excellente Bericht.

Ech konnt feststellen, datt an der Chamber eng grouss Zoustëmmung ginn ass zu dësem Projet de loi, wat am Fong geholl e mineuren Zousaz ass zum Accord vum Schutz vun de Fliedermais. Et sinn zwou verschidde kleng Modifikatiounen, déi vum Rapporteur schonn duergestallt gi sinn. Ech mengen, dësen Accord ass insgesamt sécher e ganz wichteg a wäertvollt Instrument fir de Schutz vun de Fliedermais.

D'Fliedermais sinn effektiv eng bedrohten Aart, besonnesch hir Liewensraum stinn ëmmer méi ënner Bedrohung. Et ass also un eis, fir ze kucken, hinnen déi Liewensraum ze erhalen, fir datt déi Espèce kann iwwerliewen, well se eng ganz wichteg Roll am Kader vun der Biodiversitéit spillt.

Mir hunn eng Rei Instrumenter um internationalen Niveau. Dat heizen ass en Instrument, dat sech an déi Serie areit. Ech wëllt awer soen, datt mer um Niveau national eng Rei Instrumenter hunn, fir déi Espèce ze schützen. Mir hunn eist Naturschutzgesetz vun 1982. Mir hunn d'Reglement vun 1986 a mir wäerten deemnächst an deem neien Naturschutzgesetz, wou och déi europäesch Habitat-Direktiv ëmgesat gëtt, nach nei Instrumenter kréien. Effektiv ass et esou, datt op der Lëscht vun den Habitater a vun den Espèce bei den Déieren, déi hei zu Lëtzebuerg mussen iwwert d'Habitat-Direktiv geschützt ginn, haaptsächlech mer bei den Déieren eng Lëscht hu vun de Fliedermais.

Mir hunn also en Instrumentarium mat Reglementer a Gesetzer. Mir hunn awer och an der Vergaangenheet eng Rei konkret Initiative geholl - ech wëll elo net an den Detail drop agoen, si stinn deelweis am Rapport. Ech wëllt just drun erënneren, datt mer e ganz flotte Life-Projet haten, deen e Präis krut, dee vu Bréssel ënnerstëtzt ginn ass, wou et ëmmer nees wichteg ass, datt een dat regional muss maachen. D'Fliedermais kennen net déi Grenzen, déi d'Mënsche vläicht kennen. Et ass net, datt si do Halt maachen, wou eng geographesch oder eng politesch Grenz ass. Si brauche méi e grouse Liewensraum, an duerfir mussen dann esou konkret Aktiounen op deem regionalen Niveau gemaach ginn.

Et ass eng Initiativ an der Vergaangenheet lancéiert gi vum SICONA, dee ganz interessant war, fir eben de verbesserte Schutz vun de Liewensraum kënnen ze organiséieren. Och elo lafen nach eng Rei Aktiounen, ins-

besonnesch iwwert d'Reglement vun der Biodiversitéit hu mer eng Rei Initiativen, fir, zum Beispill, Wunnenge fir Fliedermais an de Kierchdiecher ze installéieren oder op anere Plazen innerhalb vun den Agglomeratiounen.

Dat gesot, nach eng Kéier e Merci fir déi verschidde Beiträg a fir déi grouss Zoustëmmung vun der Chamber zu dësem Projet.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4880 a mir stëmmen driwwer of.

### **Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)**

Den Artikel 1 ass gelies an ugeholl.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Wie fir de Projet ass, stëmmt mat Jo.

Wie géint de Projet ass, stëmmt mat Nee oder enthält sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Théo Stendebach), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Jos Scheuer et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombara (par M. Fernand Greisen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### **(Assentiment)**

Et ass esou decidéiert.

Da kéime mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar hu mer eng Orientéierungsdebatt iwwert

déi nohalteg Entwécklung hei zu Lëtzebuerg. D'Riede-  
zäit ass nom Modell zwee festgeluegt. Et si schonn  
ageschriwwen bis elo déi Hären: Schank, Bodry, Graas,  
Mehlen, Gira, Urbany a Fayot.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Ëmwelt-  
kommissioun, den honorablen Här Emile Calmes.

#### 4. Débat d'orientation sur le développement durable au Luxembourg – N°4777

##### *Rapport de la Commission de l'Environnement*

**M. Emile Calmes (DP), rapporteur.** - Här President, Dir  
Dammen an Dir Hären, Nohaltegkeet steet iwwer allem.  
Här President, de Prinzip vun der nohalteger Entwéck-  
lung wäert d'Schrëtt vun der Regierung an alle Politik-  
beräicher leeden.

„Dëst ass virun allem wouer am Beräich vun der Ëmwelt-  
politik, mä net nëmmen do“, dat waren d'Wierder, déi  
de Statsminister gebraucht huet am Kader vun der  
Regierungserklärung am August 1999. Am Joer duerno  
– wann ech mech net ieren – huet de Statsminister bei  
der Geleeënheet vun der Präsentatioun iwwert d'Lag  
vun der Natioun dëst Wuert net manner wéi 22-mol  
gebraucht.

Mä richteg a Bewegung koom de Begrëff vun der  
Nohaltegkeet awer eréischt vill méi spéit, nodeem de  
Statsminister, am Kader vun den Diskussiounen ëm de  
Rentendësch, vun engem 700.000-Leit-Stat geschwat  
oder gewarnt huet, fir datt mer an eisem Land de  
sozialen Niveau, dee mer haut erreecht hunn, kënnen  
halen.

Dës Aussoen hu bei ganz ville Matbierger Ängschten  
ervirgeruff. Op der enger Säit d'Ängscht vun de Lëtze-  
buerger, minoritär an hirem eegene Land ze ginn, an  
anerersäits d'Ängscht virun engem weidere Verloscht  
vun hirer Liewensqualitéit am Sënn vun enger net  
materieller Liewensqualitéit.

Och wann déi Debatt relativ emotionell gefouert gëtt,  
kann een a sech net verstoen, firwat datt d'Lëtzebuerger  
op eemol Ängscht virun der Zukunft sollen hunn, wou  
se dach an der Vergaangenheet ëmmer d'Zukunft als  
Erausforderung ugeholl hunn.

Trotzdeem, mengen ech, kann een dem Statsminister  
merci soen, dass hie mat dëser Ausso den Débat iwwert  
d'Zukunft vu Lëtzebuerg lancéiert huet. Leider ass dësen  
Débat, mengem Gefill no, op d'mannst an déi falsch  
Richtung gaang an den Débat iwwert d'Zukunft vu  
Lëtzebuerg huet sech leider an een Débat iwwer  
Immigratioun entwéckelt.

Do sinn ech perséinlech ganz retizent, well ech fäerten,  
datt et eis net besser geet, wéi dat an anere Länner de  
Fall ass, datt et sech herno an enger Ausländerdebatt  
kann entwéckelen.

A verschiddenen europäesche Länner, wéi Éisträich,  
Italien, Frankräich oder Dänemark konnt een dës Diskus-  
siounen jo verfollegen. Ech wollt just drun erënneren,  
dass an dëse Länner 6-8% Ausländer wunnen, an dass  
zu Lëtzebuerg mir haut scho 37% Ausländer bei eis  
wunnen hunn. Duerfir mengen ech, muss nohalteg  
Entwécklung d'Primat vun allen Diskussiounen bei der  
Zukunft iwwer Lëtzebuerg sinn oder ob d'mannst  
gläichzäiteg mat all deenen anere Sujeten equivalent  
diskutéiert ginn.

Souwisou léisst dës Debatt sech ganz schwéier mat der  
Debatt vun der Immigratioun diskutéieren, well onof-  
hängeg vun der Zuel vun den Awunner misst d'Zukunft  
fir Lëtzebuerg nohalteg sinn. Do spillt a sech d'Zuel vun  
den Awunner keng Roll. Et spillt keng Roll, ob mer zu  
300.000, zu 450.000 oder zu 700.000 sinn. D'Zuel spillt  
also keng Roll, mä zemol spillt d'Nationalitéit vun deene  
Leit, déi bei eis wunnen, absolut keng Roll.

Géifen déi Leit, déi haut bei eis wunnen, sech op eemol  
décidéieren, anstatt 1,7 Kanner ze kréien, der 3 en  
Moyenne ze kréien, da wier d'Entwécklung déiselwecht.  
Mir hätten dann och am Joer 2050 no u 700.000 Leit.  
D'Verhältnis wär dann nach ëmmer datselwecht wéi  
haut, an dach misste mer eis, mengen ech, iwwert  
d'Thema vun der Nohaltegkeet ënnerhalen.

Duerfir mengen ech, wa mer wëllen iwwer Immigra-  
tioun am Kader vun der Nohaltegkeet diskutéieren, da  
solle mer iwwer Integratioun schwätzen. Datt d'demo-  
graphesch Entwécklung net onbedéngt een Afloss huet  
op d'Liewensqualitéit vun de Lëtzebuerger, huet déi  
SERI-Etüd bewisen, déi viru kuerzem virgestallt ginn ass,  
mä et huet een awer net brauchen, op déi SERI-Etüd ze  
waarden, fir dat gewuer ze ginn. De Représentant vun  
der Agence européenne de l'environnement hat eis dat  
schon am Virfeld confirméiert.

Et ass also kloer, datt et an dëser Debatt net méi ëm ee  
Lëtzebuerg vu mar, mat enger hypothetischer Zuel vu  
700.000 Leit geet, mä et geet drëm, wéi mir eis haut  
organiséieren, wat fir eng Politik mir haut maachen, fir  
dass d'Awunner vu mar, an egal wéi vill et der sinn, an  
egal wien et ass, et nach derwäert fannen, hei zu  
Lëtzebuerg ze liewen.

Wann ech dat alles gesot hunn, da weess awer nach  
ëmmer keen eppes mat Nohaltegkeet unzefänken an  
eng Ëmfro an Däitschland huet erginn, datt 90% vun de  
Leit mat dësem strapazéierte Begrëff näischt kënnen  
ufänken. D'Resultater vun engem Micro-trottoir d'lescht  
Woch hei zu Lëtzebuerg konnt dat nëmme confirméi-  
eren, do waren och ganz flott Aussoen, trotzdeem  
dobäi.

Nohaltegkeet ass e relativ neie Begrëff, e Begrëff, deen  
zu Rio op der Ëmweltkonferenz 1992 geprägt ginn ass.  
Dat sinn eréischt zéng Joer hier, a well dat nach net méi  
laang hier ass, kann ee verstoen, datt nach net jidd-